# Geburtsdagsfeier an der Geenzebléi zu Wolz

No laanger Paus konnt erëm gefeiert ginn



**Wolz.** Am Numm vun der Amicale konnt no längerer Paus wéinst der Pandemie endlech de President Huet Jing all Bewunner aus der Geenzebléi op hirer traditioneller Gebuertsdagsfeier begréissen. Geéiert goufen 31 Bewunner déi am Januar, Februar a Mäerz 2022 Gebuertsdag haten a kruten ee Kaddo vun hirer Amicale. D'Gemeng Wolz war vertrueden duerch de Schäffe Patrick Comes. Och d'Direktioun vu Servior, vertrueden duerch d'Anne Muller, huet sech Zäit geholl fir op dëser Feier dobäi ze sinn. Natierlech gouf et e Patt a Kaffi mat Gebuertsdagskuch bei flotter Musek, zerwéiert vun de Membere vun der Amicale zesumme mam Personal vu Servior. D'Amicale war frou datt si de Bewunner aus der Geenzebléi duerch dës Feier hiren Alldag verschéinere konnten an hoffen datt si nach vill esou Fester dëst Joer organiséiere kënnen.

*Huet Jing*
*via mywort*